adr

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

**Sektioun Stad**

Lëtzebuerg, den 10. November 2015

Madame Buergermeeschtesch

Sou wéi d'Reglement (Art. 9) et virgesäit, erlaben ech mer dës Fro un de Schäfferot ze stellen.

Den Artikel 49 vun eisen allgemengen Polizeireglement gesäit vir, datt et verbueden ass, op eise Stroossen, onse Plazen an ëffentlechen Raim vermummt oder cagouléiert ze erschéngen. Dësen Artikel bezitt sech och, wéi d'Madame Buergermeeschtesch a rezenten Aussoe an der Chamber gesot huet, och op droe vun der Burka an dem Niqab.

Dowéinst wéilt ech dës Froe stellen:

1. Wéi oft ass, zanter 2010, den Artikel 49 vum Polizeireglement an der Stad ugewannt ginn, ënner wéi engen Ëmstänn an op wéi enge Plazen an wat waren Konsequenzen vum ëmsetzen vun Artikel 49?
2. Wat soll e Bierger ënnerhuelen, wann e vermummte Persounen an der Stad gesäit ? U wien soll en sech wennen wann dat de Fall ass?
3. Deelt d'Madame Buergermeeschtesch d'Usiicht, datt et besser wär, esou e Vermummungsverbuet national ze regelen, a Richtung Verbuet ?

Mat déiwem Respekt
Marceline Goergen
Gemengeconseillère